# Geschichten

Onsen Album vu Geschichten ass wéi e Reebou mat senge verschiddene Faarwen, esou verschidden sinn och eis Geschichten, déi all hiren individuelle Charakter hunn, an awer passen si zesummen. Eis Gesellschaft soll genau esou zesummenhalen wéi e Reebou, all Faarf ass anescht, mä zesumme sinn se schéin.

Mir hunn un dësem Projet zesumme geschafft a fir eis ass de Reebou d'Symbol vun onser Gesellschaft.

De Reebou mécht e grousse Bou, wéi wann hien ons all géif an den Aarm huelen a beschützen, esou wéi mir et hei am ATD maachen. Esou ënnerschiddlech wéi de Reebou sinn och d'Leit, si sinn net gläich a bréngen doduerch Faarf an d'Liewen. Mir gleewen drun, datt en Zesummeliewen trotz Verschiddenheet nawell méiglech ass.

De Reebou ass eppes Positives, schéin hell beliicht, hie bréngt Freed an Hoffnung fir e bessert Liewen, dat mir all zesummen opbaue mussen, mat der Kraaft vun eis all.

**Temoignage vun eis all**

*****

# De Blummesom

Viru laanger, laanger Zäit huet emol eng  Kinnigin gelieft an engem räiche Land. Si hat dräi Meedercher an si waren allen dräi ganz léif, ganz schlau a ganz staark. D’Kinnigin Helena war elo schonn al an duecht: Wie vu mengen dräi Meedercher gëtt Kinnigin no mir? Si hat se allen dräi gläich gär. Si konnt net méi roueg schlofen an wosst keng Äntwert. Op eemol hat si eng Iddi. Si sot zu hire Meedercher: „Ech ginn elo op eng Pilgerrees an wie weess wéi laang dat dauert. Ech ginn iech e Säckelchen mat Blummesom. Wie vu iech am beschten op de Som oppasst, gëtt Kinnigin. “

D’Kinnigin ass fortgaangen.

Dat éischt Meedchen hëlt de Som a späert en an eng metalle Këscht an. Hatt duecht, sou ass e gutt versuergt bis d’Mamm heemkënnt.



Dat zweet Meedchen verkeeft de Som um Maart an duecht, wann d' Mamm heemkënnt kafen ech neie frësche Som. Dat drëtt Meedchen geet an de Gaart a séit de Som aus. Dräi Joer huet et gedauert bis d'Kinnegin zréckkoum. Dat éischt Meedchen ass an d'metalle Këscht siche gaangen fir him de Som zréckzeginn. Mee o jee e war gefault an der Këscht. Dat zweet Meedchen ass séier op de Maart gaangen an huet neie Som kaf. „Ah, nee sot d' Kinnigin, dat do ass net dee Som, den ech dir ginn hat. Wou ass mäin drëtt Meedchen, d'Isabella? " Si fannen et am Gaart. Do hunn Dausende vu Blumme gebléit an d'Meedchen war amgaangen de Som anzesammelen an de Säckelchen ze fëllen. "Kuck Mamm, dat ass aus deem Som gewuess, deens du mir ginn has." Du sot d' Kinnigin: " Du bass dat Richtegt, du weess wat s du maache muss fir däi Kinnekräich an d'Welt méi schéin ze maachen. Du gëss eng gutt Kinnigin ." An hatt huet e Prënz bestuet a si hunn ee Bouf an zwee Meedercher, Zwillinge, kritt: d'Jennifer an d'Patricia. Den Dag vun der Daf koumen dräizéng Feeën op Besuch, zwielef hunn de Kanner all méiglech gutt Wënsch an d'Wéi geluecht: Schéinheet, Fridden, Intelligenz, Guttheet, Léift. Déi dräizéngt, déi huet e béisen Zauber op d'Kanner geluecht: Si sollten an zwee Joer getrennt ginn an eent dovun sollt a Frankräich wunne mussen. Wéi d'Kinnigin dat héieren huet, ass si erféiert. Si wollt eppes soen, mee du waren d'Feeë scho fort. No a no hunn si awer déi béis Wieder vergiess an si hu glécklech um Schlass gelieft. D'Prinzessinnen waren schéin, intelligent a léif.

Wat nach geschitt ass, dat erzielen ech iech an e puer Joer!



**Vum Alice**

*****



# Déi dräi Bridder

Zwee Kinniksjongen waren zesummen ënnerwee. Dee jéngste Brudder wollte si net mathuelen, well si en ze domm fonnt hunn. „Huelt mech och mat“ huet hie gefléift. „Du bass vill ze jonk an ze domm, mir zwee si vill méi schlau“ soten si Mee deen huet net opgehale mat soueren an du huet hien mat dierften.Um Wee gesi si e Seejomesekoup an déi zwéin Eelst hunn ugefaange mat engem Bengel am Koup ze wullen. D’ Seejomesen si ganz opgereegt aus Angscht ronderëm gelaf. „Loosst dat sinn, ech kann net ausstoen, wann dir déi Déieren stéiert! “ Du si si weidergaang a koumen bei e Weier. Do sinn Inten drop geschwommen an déi zwéin eelste Bridder wollten der e puer fänken a broden. „Loosst dat sinn,“ sot dee Jéngsten. “Ech kann net ausstoen, datt dir Déieren dout maacht.“ Du koumen si bei e Beiennascht. Déi zwéin Eelst wollte Feier bei de Bam maachen an d’ Beien erstécken fir kënnen den Hunneg ze klauen. „Loosst dat sinn, ech kann net ausstoen, datt dir Déieren verbrennt! “ Si koumen bei e Schlass ,kee Mënsch wäit a breet. Si si bei eng Dir komm. Duerch e Lach konnten si era luussen. Ganz hannen hu si e groe Männche gesi sëtzen. Si hunn dräimol geruff an op emol ass de Männchen opgestan an huet opgespaart, eemol, zweemol, dräimol. De Männchen huet net geschwat, hien huet hinnen z’iesse ginn an hinnen duerno eng Schlofkummer ginn Moies koum de Männchen bei deen eelsten Jong an huet him eng Tafel gewisen, do stoungen dräi Aufgaben drop. Am Bësch do leien Pärele vun der Prinzessin ënnert dem Mooss. Déi soll hie bréngen , wann awer eng eenzeg feelt, dann gëtt hien zu Steen verwandelt . De Jong huet de ganzen Dag gesicht. Mee owes hat hien se net all fonnt an ass zu Steen ginn. Deen zweeten huet et och net gepackt an ass zu Steen ginn. Lo koum deen drëtte drun, dee Jéngsten. Hien huet gesicht a gesicht, mee dat war esou schwéier. Hien sëtzt sech op e Steen a kräischt. Wéi e sou do sëtzt, kënnt de Seejomesekinnek mat fënnefdausent Seejomesen. Et huet net laang gedauert du haten si all d’ Pärele fonnt.

Déi zweet Aufgab war de Schlëssel vun der Kummer vun der Prinzessin ze fannen. Dee louch am Weier. Wéi de Jong beim Weier war, koumen d’Inten an hunn him de Schlëssel erausgefëscht. Déi drëtt Aufgab war: Déi jéngst an déi léifste Prinzessin fannen. Déi dräi Prinzessinnen hunn allen dräi geschlof an si hu sech geglach. Allen dräi haten se eng Séissegkeet giess, di eng e Stéck Zocker, di aner e Läffel Sirop an di Jéngst hat Hunneg giess. Du koum d’ Beiekinnigin an huet sech op de Mond vun där Prinzessin gesat , déi de Läffel Hunneg giess hat. Du wosst de Jong wéi eng di richteg Prinzessin war.







Elo war den Zauber eriwwer an alles wat zu Steen gi war, ass erléist ginn a nees erwächt .  Dee Jéngsten huet d‘ Prinzessin bestuet an ass Kinnek ginn.

**Vum Sandra**

*****

# Fräi

Haut ass e schéinen Dag, ech hunn an de leschten Deeg doheem geraumt an all déi Saachen, déi ech net méi brauch an eng Wallis gemaach. Ech brauch Plaz doheem!

Lo ginn ech mat menger Wallis op den Zuch, huelen den Tram a fueren op den Hamilius. Do komme vill Leit hin an et sti Bänken do, do kann ech mech gutt hi setzen.

An hei sinn ech elo, meng Wallis nieft mir, ech maache se op fir dass d’Leit gesi  wat dran ass.

Ei, d’Sonn schéngt, ech tanken elo Vitaminn D. Do kënnt déi éischt Madamm, kuckt a meng Wallis a seet: „Oh, dir hutt awer do e schéine Spigel. Verkaf dir deen ?“

„Nee, ech schenken iech en“





„Oh wierklech? Dat ass awer léif, merci!”

A scho steet eng zweet Fra do: “Wat hutt dir dann do an der Wallis?”

„Kuckt roueg a wann iech eppes gefält, dann huelt et mat.“

„Wat kascht dann dat schéint Kannerbuch?“

„Ma dat ass gratis, huelt et mat, ech brauch et net  méi.“

„Oh, merci, dat schenken ech menger Enkelin.“

Ech sonne mech nach e wéineg an du héieren ech eng Stëmm di seet: „Madamm, wat kascht dee Raséierapparat?“

„Ma näischt kascht deen, dee brauch ech net méi, huelt e nëmme mat. Ech hu geraumt doheem an hunn deen ze vill, ech brauch Plaz.“

An esou geet dat de ganze Mëtteg bis op eemol  näischt méi  an der Wallis ass. E Mann bleift stoen a freet: „Dir hutt awer eng schéi Wallis do, verkaaft dir déi?“

„Nee ech schenken iech déi.  Huelt se nëmme mat, ech brauch Plaz doheem.“

An elo sinn ech alles lass, huelen den Tram an den Zuch a fueren heem.

Wéi ech zur Hausdier erakommen, fillen ech mech esou gutt. Virdrun hunn ech mech misse ganz kleng maachen an d‘Äerm zesummen bei de Kierper leeën fir gutt eranzekommen. Elo ass Plaz, ech kann d’Äerm ausernee maachen an mech dréien. Ech fille mech esou fräi a si glécklech mech vun allem, wat mech ageengt a bedréckt huet, fräi gemaach ze hunn.




**Vum Henriette**

*****

# Am Äppeltuerm

Mir sinn am Joer 1967, am Hierscht, d'Äppel sinn zeideg a musse gepléckt ginn. Äppel plécken war ëmmer eppes besonnesch Wichteges. Ech plécke grad Äppel am Bongert op der Rumm. Ech leeën se a Kierf an droe  se duerno an den Äppeltuerm. Kenn dir deen? Nee, ma dann erzielen ech iech dat.

Eenzel gi se op all Etage ausernee geluecht fir dass mir der am Wanter ëmmer hu  fir z'iessen, d'Taart ze baken. An deem Tuerm bleiwen si nämlech gutt frësch.

Mam grousse Schlëssel spären ech déi  riseg  Dier op. Oh !wat sinn ech erféiert, Rate komme mir entgéint gelaf, déi wäerte schonn op d'Äppel gewaart hunn. Ech ginn Trapen erop bis uewen hin fir ze kucken, ob alles an der Rei ass an do fléien d'Fliedermais mir ëm de Kapp.

Ech fänken uewen un d'Äppel ze tässelen, wéi et e bemol fierchterlech kraacht .Ech kucken ronderëm an do steet e Geescht viru mir, dee seet: „ Mäi léiwe Marc, ech kucken dir scho Joren no, du mëchs deng Aarbecht ëmmer immens gutt. An dofir hues du haut e Wonsch fräi, wënsch dir eppes."

Nodeems ech mech berouegt hunn, sinn ech frou an denke no:

„An? “ , freet de Geescht . „Ma jo, ech hätt gär e léift Meedchen , e léift a schéint wéi d‘Katarina !“ „Ass et dat wat s du wierklech wëlls?“ „Jo!“

An du knuppt et nees an de Geescht ass verschwonnen.

Ech maachen elo den “tour du monde” , soen iech e schéinen Äddi a wënschen iech all , datt dir e Wonsch fräi hutt an ärem Liewen.



**Vum Marc**

*****

# Den Adler

E Wanderer war ënnerwee a midd vum Goen. Du kënnt hien bei e Bauerenhaff a gesäit Hénger do lafen. Tëscht den Hénger ass en Adler getrëppelt. Hien seet zum Bauer: „Du muss deen Adler do fräi loossen, dee gehéiert net bei d’Hénger.“

„Dat ass keen Adler, dat ass een Hong. Dee war aus dem Nascht gefall, ech hunn en opgeraf a bei meng Hénger gesat. Elo ass et en Hong.“ - „Dat kann net sinn, en Adler, dee muss fléie kënnen, seng Flilleken ausernee spanen an tëscht de Wolleken fléien, héich am Himmel.“ - „Ma du gesäis dach, datt et en Hong ass“ seet de Bauer

„Gëff mir  Zäit an ech beweisen dir, datt et en am Häerz en Adler ass.“ De Wanderer hëlt den Adler op seng Hand. Knapps hat hien en an der Hand, du fänkt deen un mat zidderen a léisst sech erof falen. „Gesäis de » freet sech de Bauer „et ass en Hong“.



Du hëlt de Wanderer den Adler a setzt deen uewen op den Héngerstall. Du fänkt den Adler un mat zidderen a jäizen a fält séier nees bei d’Hénger. Du laacht de Bauer .

„Gëff mir nach eng Chance muer de Moien, da wäers de gesinn, datt et dach en Adler ass.“

Moies fréi geet de Wanderer mam Adler de Bierg erop. D’Sonn ass nach net op. Wéi déi éischt Sonnestralen do sinn, stellt hien den Adler op seng Hand an dréit seng Hand a Richtung Sonnenopgang. Hien seet zum Adler: „Du bass en Adler, du hues en Häerz, wéi en Adler, du hues Flilleken, wéi en Adler, e Schniewel, wéi en Adler, Krallen wéi en Adler. Elo fléi wéi en Adler!“




De Vull stréckt seng Flilleken ausernee a kuckt stolz a Richtung Sonn. Hien ziddert net méi. Op emol léisst hie lass a flitt a Richtung  Sonn, lues a lues méi héich an den Himmel erop, bis e net méi ze gesinn ass.

Heiansdo huet een nach gesinn iwwert dem Bauerenhaff seng Ronne fléien, mee erof koum hien net méi.



**Vum Franco**

*****

# De Fuuss an de Reier

Mäi Papp, den André, ass all Woch fësche gaangen  op Waasserbëlleg.
„Do hunn ech dach meng  Rou" sot hien. Vu moies fréi bis owes spéit souz hien do a war zefridden. Owes wann hien heemkomm ass, war hien all säi Stress lass a ganz roueg. Wann ech als Kand matgaange sinn, sinn ech ronderëm an der Natur geträppelt  a meng Mamm, déi ass an d'Geschäfter gaangen.

Déi Fësch, déi  hien gefaangen huet, huet den André lieweg mat Heem geholl an do an eise Weier gesat. Giess huet hien ni een dovun, héchstens déi kleng Blénkerten, do huet meng Mamm eng Friture domat gemaach.

Eemol hat hien e ganz grousse Fësch gefaang. Dee war een an en hallwen Meter grouss. Mir hunn en an eng Biitche gemaach ,matt Heem geholl an an de Weier beim Haus gesat. Ech wees net wéi een dat war. Leider  war aus dem Waasser gesprong an der Nuecht, well e louch moies dout nieft dem Weier.

Enges Daags awer ass eppes ganz Besonnesches geschitt an dat erzielen ech iech elo. Den André souz do wéi ëmmer ze fëschen, souguer de Fëschdéif, de Reier, huet him nogekuckt. Do hat hien näischt dergéint. De Fëschreier, huet zwar alt mol e Fësch mat sengem laange Schniewel erausgeholl , mee  den André war awer frou , well de Reier  war e schéint Déier an sou war mäi Papp net  esou eleng.





Dee Moie  war mäi Papp extra  fréi do an hat grad seng éischt Aangel ausgehäit, do héiert hien e Grommelen. Hie kuckt ronderëm sech an gesäit e  Fuuss kommen. Séier verstoppt hien sech hannert dem Bam a waart of wat geschitt. Schnurstracks trëppelt de Fuuss op de Reier zou, deen do stoung wéi all Kéier , a seet zu deem: „Hëllef mir, ech hunn eng Schank am Hals a kréie geschwë keng Loft méi.“

„Ohoho“ seet de Reier, dat ass mir ze geféierlech , mäi Kapp an deng Schnëss ze stiechen. Wat gëss du mir dofir?”
„Maach virun, ech erstécke geschwënn, ech doen dir näischt an du gëss belount!“
De Fuuss rappt d’Schnëss op , de Reier hëllt all säi Mutt zesummen a streckt de laange Schniewel an den Reier säin Hals, ganz déif hannen , do war eng Schank. An zitt déi mam Schniewel eraus.





Ah“, seet de Fuuss ,“ lo ass et mir besser. A lo kuck, dass de fortkënns!“ “Wat  seet de Reier, a wou ass da meng Belounung?” „Wat, sief frou, datt ech dir de Kapp net ofgebass hunn!” An de Fuuss  dréint sech ëm a leeft  fort. Wourecht  vun der Geschicht: Erwaart dir näischt vun engem Fuuss,  deen dir eppes versprécht! Net jiddereen,  deem s du hëllefs, seet dir merci dofir.







**Vum Edy**

******

# D'Bounen an der Täsch

Ech sinn d'Nicole.  Ech hu scho villes erlieft am Liewen, Schéines awer och vill manner Schéines. Mee ech si nach ëmmer do a staark. Fir mech ass all Dag luewenswäert, wësst dir firwat? Ech erzielen iech dat elo.

Moies  wann ech opstinn,  zéien ech d' Rollued  erop a kucken eraus. Oh, wat e schéine sonnegen Dag. Ech di mäi Schiertech un. Gesidd dir, datt eng Täsch ganz déck  gefëllt  ass? Da lauschtert wat mäi Trick ass!

Wann  den  Dag esou schéin ufänkt, sinn ech scho frou. Ech wiesselen eng Boun vun enger Täsch an déi aner.

De Moie ginn ech mam Luca en Tour an de Bësch spadséieren. Wat ass de Bësch esou  herrlech am Fréijoer. (Eng Boun wiesselt.) An de Luca ass esou frou, hei ze sinn ( eng Boun).Nees doheem maachen ech eis eng gutt Taass Kaffi, hmm wat richt dee Kaffi esou gutt (eng Boun) , ei e schmaacht eis (eng Boun). Et schellt un der Dier: Wien soll dat sinn? Et ass mäi Stuppi, dat ass eng Iwwerraschung (eng Boun). Elo kachen ech eis wat hie gär huet, Poulet mat Fritten an Zalot.

D'Mëttegiessen ass mir gutt gelong, et huet eis all geschmaacht (eng Boun.) No der Spull ginn ech an d'Stuff a scho si meng dräi Kazen do a leeën sech widder mech, op de Schouss a schnurren (eng Boun). Dat mécht mech frou! Haut den Owend kucken ech e Film op der Tele, e Liebesfilm, dee gefält mir (eng Boun) a kuschelen mat mengem Stuppi (eng Boun).

Elo ass et Zäit schlofen ze goen, mee ier ech mäi Schiertech ausdoen, zielen ech:

Déi lénk Täsch eidel maachen an zielen: 1-2-3 ... all d'Bounen. Haut hunn ech esouvill  Saachen erlieft, déi mech frou gemaach hunn . An dat muss näischt Grousses sinn. Et sinn déi  vill kleng Saachen, déi mir d'Liewe liewenswäert maachen.

Souvill Bounen hunn d'Säit gewiesselt, dat war e richteg gudden Dag fir mech.



**Vum Nicole**

******

# Meng Léift: den Elefant!

Léif Leit!

Ech hunn e ganz grousse Wonsch, ech wëll eng Rees maachen an den afrikanesche Kontinent.

Afrika ass e super Land, räich u Landschaften, Dünen, Urwald, fantastesche Beem  a schéinen Déieren. Mee leider liewen do vill aarm Leit.

Do wuesse Banannen, Kokosnëss, Ananas, Nëss, Mangoen, Waassermelounen, Granatäppel, Orangen, Roibuschtéi, Maniok a villes méi.

Mënschen an Afrika sinn hëllefsbereet a frëndlech. Viru laanger Zäit sinn d' Europäer an Afrika gaangen an haut hunn d'Afrikaner verschidde Gewunnechten vun den Europäer ugeholl.

Et liewen vill Déieren do: Leopard, Léiw, Schimpans, Nashorn, Büffel, Nilpäerd, Kojot, Krokodil, Strauss, Arapapagei, Emu, Kakadu. De Sambesifloss ass eng wichteg Plaz, do kommen Mammendéieren mat hire Klengen hin, fir Waasser ze drénken.

Een Déier wat mech inspiréiert ass den Elefant.

Hien ass en Familljendéier an huet Mierkmoler wéi mir Mënschen, awer méi ausgeprägt.

Wichteg Eegenschafte sinn: Solidaritéit, Kraaft, Sensibilitéit. Elefanten sinn e richtegt Familjendéier, si beschützen hir Famill ganz besonnesch.

De Mann, de Bulle, muss d'Grupp verloossen, wann d' Kanner gebuer sinn. Hien ass awer net verstouss, mee beschützt d'Häerd vu wäitem.

Déi grouss Déieren si Planzefrësser, richteg Vegetarier.

Si vergiessen näischt, net dat Gutt, mee och net dat Schlecht wat si erlieft hunn. Dofir ass et besser Kolleeg mam Elefant ze sinn, well soss: zéi dech, oder et ergeet dir net gutt! Si gesi net gutt, mee héieren besser wéi de Mënsch. Si hunn dee beschten Beschützerinstinkt vun all den Déieren.

Fir mech ass den Elefant d'Symbol vun Afrika.

Ech hoffen, datt si nach laang do a Rou liewe kënnen, well soss ass Afrika net méi dat selwecht.

Eemol bei d'Elefante goen, ass mäi gréisste Wonsch.




**Vum Katarina**

*****

# Dräi Wënsch

Et war emol e Bëschaarbechter, deen huet sech futti geschafft. Enges Daags , wéi hien sech nees vill geplot huet am Bësch, seet hien zu sech: „Wat hunn ech vun deem onmënschleche Geschaffs ouni  Enn? Den Himmel mengt et net gutt mat mir, bis haut krut ech kee Wonsch erfëllt“ Du seet eng Stëmm : „Lauschter gutt! Du hues dräi Wënsch fräi. Et ass ganz egal wat s du dir wënschs, mee pass gutt op, an iwwerlee dir et gutt ier s du de Wonsch ausschwätz.“  A wou koum di Stëmm dann hir? Et war keen ze gesinn. Séier leeft hien Heem bei seng Fra an erzielt hir alles. Dausend Saachen sinn der Fra duerch de Kapp gaang, si huet sech awer gebremst an zum Mann gesot: „Komm mir iwwerleeën eis dat gutt a schlofen eng Nuecht driwwer“ Dorop sot de Mann: „Fir dat ze feieren , drénke mir eng gutt Fläsch beim Feier.“

„Marechen“, sot de Mann „ Um Feier ass nach esou eng gutt Glous, kéinte mir eis da nëmmen eng Träip dra broden.“   Knapps huet hien dat ausgeschwat, du gesi si eng laang Träip erausgekroch kommen, vun hannen aus dem Uewen, et huet ausgesinn wéi eng Schlaang.





„ Oh du dommen, du denks och nëmmen un d'Iessen, wat hues de gemaach ! Lo hätte mir kënnen Gold, Pärelen an Edelsteng hunn an du wënschs dir eng Träip!" „Jo, ass gutt, ech hunn e Feeler gemaach. Ech passen elo besser op!"
„ Du Eefalt, du Dëlpes, du dommen Iesel, hal nëmmen de Mond" huet d'Fra de Mann vernannt. „Wier ech dach nëmmen Wittmann, dann hätt ech meng Rou." Glécklecherweis huet de Mann dat nëmme geduecht a net ausgeschwat. Mee d'Fra huet sech net ginn. Du rutscht dem Mann de Saz eraus: „Ma géif déi topeg Träip dir dach nëmmen un der Nues hänken"
Knapps hat de Mann ausgeschwat, du houng Träip un der Fra hirer Nues.



Wat hat hien elo gemaach! Ee grousse Virdeel war, datt si elo net méi souvill a séier schwätzen konnt. An dat huet dem Mann nawell gutt gefall. An hien hat jo nach ee Wonsch fräi. Mee, wann hien sech elo e Kinnekräich wënsche géif, misst hien jo mat der Kinnigin mat der laanger Träip un der Nues liewen. Dobäi war säi Marechen dach esou eng reng a schéi Fra.
Wat wollt hien elo léiwer, hien huet hin an hir iwwerluecht: eng Kinnigin mat enger Träip un der Nues oder eng léif a schéi Fra ? An dunn huet hien entscheet, dach léiwer mat sengem Marechen zesummen ze liewen wéi mat enger ellener Kinnigin.Hien huet haart geruff: „Ech wëll, datt Träip vun der Nues eroffält". A schonn war Träip fort vun der Nues.
Si hu sech allen zwee esou gefreet, datt si sech an d'Äerm geholl hunn. De Mann war iwwerglécklech, nees seng schéin a léif Fra zeréck ze hunn. Ier se schlofe gaang sinn, hu si sech Träip nach gebroden an se sech gutt schmaache gelooss. Vun do un hunn si glécklech a friddlech zesumme gelieft.

**Vum Véronique**

*****





# Op der Bün

Op enger Bün ze stoen ass net evident, mä mir hunn dat flott fonnt, och well dat eis gutt gefall huet, wéi mir bis amgaange waren hu mir de Stress vergiess.

De Publikum huet eis applaudéiert.

Am Ufank war et ondenkbar, mir hunn et awer hikritt, zesummen.

Et war schwéier eleng op der Bün ze stoen, mä ganz eleng ware mer jo net, d'Muriel huet mat ons gelidden a geschafft, hatt huet ons ëmmer ënnerstëtzt an d'Kolleegen hunn eis och Courage gemaach.

Wat zielt, ass d'Resultat an d'Leit kucken eis elo anescht.

Mir kënnen et, wa mir un ons gleewen, mir hunn onst Bescht gemaach.

**Temoignage vun eis all**

